N°4017
Luxembourg, le 30.04.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.04.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

Laut enger neier Etüd vum Statec, déi den 29. Abrëll 2026 publizéiert gouf, ass d'Vollzäitbeschäftegung am Kader vun engem CDI wärend den normalen Dageszäiten net méi d'Norm zu Lëtzebuerg. Eng Majoritéit vun de Residenten, déi zu Lëtzebuerg schaffen, ass deemno an Deelzäitbeschäftegung, schafft owes oder um Weekend.

Dës Entwécklung wërft wichteg Froen op iwwer d'Qualitéit vun den Aarbechtsplazen, de Schutz vun de Salariéë, d’Work-Life-Balance, souwéi iwwer d'soziaalt Sécherheetsnetz fir déi Betraffen. Et ass dofir wichteg ze verstoen, wéi eng Moossname vun der Regierung geplangt sinn, fir op dës strukturell Verännerungen um Aarbechtsmaart ze reagéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Moossname gedenkt d'Regierung ze huelen, fir déi Salariéeën ze schützen, déi an atypesche Beschäftegungsformen (Deelzäit, Owes- a Weekendaarbecht) schaffen?

2. A wéi wäit gedenkt d'Regierung d'Aarbechtszäitgesetzgebung unzepassen, fir der neier Realitéit vum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart Rechnung ze droen?

3. Wéi gedenkt d'Regierung sécherzestellen, dass déi betraffe Persounen en adequaten Zougang zu soziale Leeschtungen a Schutzmoossname behalen, onofhängeg vun hirer Beschäftegungsform?

4. Wéi eng Mesuren si geplangt, fir d'Deelzäitaarbecht, déi dacks onfräiwëlleg ass, ze reduzéieren an de Betraffenen den Zougang zu méi stabille Beschäftegungsverhältnisser ze erméiglechen?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu
PIRATEN

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés